PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

Eis Aktivitéiten vum 24 Mäerz bis den 28 Abrëll 2025

Méindeg, de 24 Mäerz 2025 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Explikatiounen an Diskussioun iwwert de Sujet imposé vum SN « Interaktioun mam Waasser »

Et ass ganz wichteg dass mir als Equipe do e Effort maachen, schliisslech hunn mir eisen Titel ze verteidegen um SN 2025.
Wann dir schonn Fotoen zum Sujet imposé fäerdeg hutt, bréngt se schonn mat. Denkt dru Fotoen, sou wei fir ee PT, an der richteger Gréisst am jpg matzebréngen !!
Gréisst vum Bild: max Breet: 1920 px, max Héicht: 1080 px

Méindeg, de 31 Mäerz 2025 Januar um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Schwarzlichtfotografie

Mir schaafen eis e bëssi neit Equipement un, an trauen eis un een neit Thema : Schwarzliicht wat mat UV-aktive Faarwen sichtbar gëtt.

Méindeg, de 7 Abrëll 2025 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Eischt Selektioun fir de SN

Nodeems mir de 24 Mäerz dem *Thema Interaktioun mam Waasser* op de Fong gaange sinn, maache mir haut eng éischt Selektioun, denkt drun dass den 21 Abrëll de closing ass fir Fotoe rop ze lueden fir de Salon National

Méindeg, de 14 Abrëll 2025 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

Shooting mat Model LIGHTPAINTING

No eiser Light-painting Sortie am Mäerz um Belval maache mir haut e shooting Lightpainting mat Model am Studio, denkt drun äert Equipement prett ze hunn an e Stativ matzebréngen.

Méindeg, de 21Abrëll 2025 ass Ouschter-Méinden, do ass keng Versammlung



Méindeg, de 28 Abrëll 2025 um 19:30 an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach

PHOTO-Selektioun Expo ELIA

Nodeems an der AG an an de Versammlungen de 24 an 31 Mäerz een Opruff gemaach gi war fir un enger Ausstellung deel ze huelen, maache mir haut eng éischt Selektioun vun de Fotoen, Fichier matbréngen sou wei fir de PHOTO-Talk, mais denkt drun dass Format wat geprint gëtt 60 x 80 cm ass (7.000 x 9.300 px).
Mir bestellen Printen all zesummen sou dass de Support fir jiddereen dee selwechten ass.